

# Persounen an hier Aufgaben
## - um Geriicht -

A6-36

(Theater)

# PERSOUNEN AN HIER AUFGABEN

## - UM GERIICHT -

**Riichteren :**

Michel Kieffer - 1ten + 2ten Akt
Paul Bodson - 3ten + 4ten Akt
Romain Steyer - 5ten + 6ten Akt

**Greffier :**

Antonio - all Akt

**Gendaarm :**

Jose - all Akt

**Josephin Kerzeliichter :**

Georges Bischen - 1ten + 2ten Akt

**Nikolas Middebock :**

Roger Steyer - 2ten Akt

**Romfaass Nicki :**

Steve - 3ten Akt

**Alf Maufel vun Diddeleng :**

Michel Wagner - 4ten Akt

**Jang Belles :**

Alain Kieffer - 5ten Akt

**Batti Duuschtert :**

Jean Metz - 6ten Akt

GUIDEN A SCOUTEN LETZEBUERG

## I.AKT

Persounen: I Haaptriichter
2 aaner Riichteren
I Greffier
t'Madam Josephin Kerzeliichter

(Den Riichter Klappt 2mol mam Hummer op den Doesch)

R:T'Soetzung ass eroeffnet.
Soot Greffier watt hun mer haut ze verhandelen?

G:Ma den Fall Kerzeliichter.

(t'Madam Kerzeliichter trett erfier,kuckt messtrauesch em sech an kraatzt sec um Henner)

R:Numm?

K:Josephin

R:Neen deen aaneren!

K:Marie-Antoinette

R:(gett rout am Gesiicht)Den Familiennumm?

K:Aaah deen...ma Kerzeliichter

R:Gebuer?

K:Jo,schons I2mol

R:Watt heescht daat?

K:Ma,ech hun I2 Kanner

R:Also gudd...Weini sidd der gebuer?

K:Ma am Kaarschnatz

R:(ass der Verzweiflung no)Ech well t'Joer wessen!

K:Ma...(denkt no)...I923,wei daat terribelt Wieder wor an eis Sou am Stall ersoff ass.

R:A wou?

K:Ma am Stall,wei eng domm.

R:Neen wou sidd DIR gebuer?

K:Ma bei menger Mamm am Bett...demols haaten mer nach net esou vill Plaatz ewei haut dess Daacns.

R:Em Gottes-woellen an wattver engem Duref?

K:Ma am Paafendall(se kraatzt sech erem den Henner)

R:Also kommen mer zur Saach...dir behaapt aeren Mann giff iech onbarmhaerzeg Honger leiden loossen(de Riichter liesst den Protokoll nach eng Keier,hien kann et net glewen well t'Madam ass breet ewei eng Scheierpaart)...stemmt daat

K:Awei,wann hien voll ass,an daat kennt all gudden Broutdaach fir,dann ass en ewei en rosent'Deier...also deen Moensch ass mer zuwidder,ech kann iech et soon.Soon ech em hien soll 3 Pätt huelen goen an um II Auer zereck siinn, (dann ass en um 3Auer zereck (an et gouffen II Pätt.

R:A wei kommt der un dei I2 Kanner vun him?

K:Ma Här Riichter watt mecht een net alles am Aïfer!

3 Riichteren reselen dem Kapp,R:Gudd dier kennt iech soetzenmier waerten

2.AKT

Persounen: I Haaptriichter
2 aaner Riichteren
I Greffier
Nikolas Middebock
t'Madam Josephin Kerzeliichter

G:Mier bieden iech als Zeien an den Zeienstand

M:Also Här Riichter noodem watt ech heiren hun...

R:(Schons roosen weint dem Fall virdrun)Watt dir geheiert hut,interresseiert net,hei um Geriicht zielt daat watt éen gesinn huet.Dir koennt iech nees setzen.

M:(geet hannescht op t'Plaatz an et entwiert him e Want)

R:(sprengt op)Daat ass net erlaapt,daat ass onnerheiert,et muss een schons en Schwein sinn fir sech esou opzefeiren.

M:(steet roueg op)Soot Här Riichter hut dier eppes gesinn?

R:Neen,mé eppes heiren an ech richen et elo och.

M:Asou ech haat geduecht hei um Geriicht geif nemmen daat ziellen watt een geseit.

R:(gett rout am Gesiicht)
Erous matt iech ier ech iech Been maachen!

M:Keng Suerg Här Riichter deer hun ech der schons.

De Greffier feiert den aarmen Neckel oof.

R:(zu deenen aaneren Riichteren)Nach esou en Fall an ech loossen mech Pensionneiren.

Dei 3 Riichteren verschwannen fir ze beroden,no enger gewessen Zeit kommen se zereck fir t'Urteel ze verkennen...

R:Mier hun beschloss datt,Madam Kerzestenner et ass och fir iech!,datt den Zeien weint Amtsbeleidegung 300Fr bezuelen muss,an datt aeren Mann,Madam, iech all Daach 200Fr firdei noutwenneg Verpflegung ze ginn huet...hud der nach eppes ze soen?

K:Jo Här Riichter...dier sitt drun Schold wann ech vun Honger stiewen,matt dem weinegen Geld kreien ech hoechstens den boellechsten Menu am"Cravat"

2.AKT

Persounen: I Haaptriichter t'Madam Josephin Kerzeliichter
2 aaner Riichteren
I Greffier
Nikolas Middebock

G:Mier bieden iech als Zeien an den Zeienstand

M:Also Hâr Riichter noodem watt ech heiren hun...

R:(Schons roosen weint dem Fall virdrun)Watt dir geheiert hut,interresseiert net,hei um Geriicht zielt daat watt éen gesinn huet.Dir koennt iech nees setzen.

M:(geet hannescht op t'Plaatz an et entwiert him e Want)

R:(sprengt op)Daat ass net erlaapt,daat ass onnerheiert,et muss een schons en Schwein sinn fir sech esou opzefeiren.

M:(steet roueg op)Soot Här Riichter hut dier eppes gesinn?

R:Neen,mé eppes heiren an ech richen et elo och.

M:Asou ech haat geduecht hei um Geriicht geif nemmen daat ziellen watt een geseit.

R:(gett rout am Gesiicht)
Erous matt iech ier ech iech Been maachen!

M:Keng Suerg Här Riichter deer hun ech der schons.

De Greffier feiert den aarmen Neckel oof.

R:(zu deenen aaneren Riichteren)Nach esou en Fall an ech loossen mech Pensionneiren.

Dei 3 Riichteren verschwannen fir ze beroden,no enger gewessen Zeit kommen se zereck fir t'Urteel ze verkennen...

R:Mier hun beschloss datt,Madam Kerzestenner et ass och fir iech!,datt den Zeien weint Amtsbeleidegung 300Fr bezuelen muss,an datt aeren Mann,Madam, iech all Daach 200Fr firdei noutwenneg Verpflegung ze ginn huet...hud der nach eppes ze soen?

K:Jo Här Riichter...dier sitt drun Schold wann ech vun Honger stiewen,matt dem weinegen Geld kreien ech hoechstens den boellechsten Menu am"Cravat"

# 3.AKT X

Persounen: I Haaptriichter
2 aaner Riichteren
I Greffier
Romfaass Nicki

-R:Soot Grefier watt ass eisen naechsten Fall?

G:Ma den Romfaass Nicki

R:(trett ervier)Jo-o-o Hâ-hâ-r Ri-ich-ichter

-R:Tudelt dier emmer esou?

R:Ne-e-en ,noe-oe-me-me-n wann ech schwaetzen.

-R:Hei am Protokoll do steht ,dir haet beim eischten Verheier falsch Aussoen gemaach stemmt daat?

R:Oh Här Riichter,ech war an esou enger Öpregung,datt ech mech selwer net mei kannt hun,an iwerhaapt op mein dommt Geschwaetz kann een net alles ginn.

-R:Et ass gudd;setzt iech nach eng Keier,matt iech hun ech nach emmer net ofgerechent.

4.AKT

Persounen: id.
id.
id.
Alf Maufel vun Diddeleng

R:Numm?

A:Alf Maufel

R:Bestuedt?

A:Jo,matt menger Frâ

R:Dier Iesl mat engem Mann kann een wuel schlecht bestuedt sinn.

A:Oh dach meng Schwester ass matt engem Mann bestuedt.

R:Also gudd,dir gitt ugeklôt dir haett aer frâ onbarmherzeg op der neier Breck zerschloen.

A:Ja Här Riichter, daat goung esou.Ech haat den ganzen Daach bis moettes geschafft an dun hunn ech vif en Maufel erageschloen an dun matt ~~der~~ hir an der Gued(Giedel),well sie et esou wollt num,an t'Staat gefuer. Wei merdunn aus der Gare erouskoumen,du sôt ech ganz verstaenneg:So Greit,ech hun en krommenaaleschen Honger,loost eis een op t'Alfas Terrass schmutteren goen.Awer dun haett der sollen daat rosent'Deier gesinn,dei Tricken geif hatt kennen,een beim Alfa,dann nach e am Chicago an esou weider. Si wier an t'Staat komm fir anzekaafen an net fir t'Bistoen ofzeklappem,an iwregens haetten mer keng Suen fir esou Saachen(si huet eben mein Taeschgeld beschlaachnaamt.Ech wor dun och nach eng Weil roueg;wei mer d'nei Avenue eropgaangen sinn wor se awer nach emm r matt der nemmlechter Leier amgaangen,an se huet sech fir t'Vrêcken net ginn(esou sünn eben dei Frâleit), op der Neier Breck verleist mech awer dun meng Schofsgedolt an ech hun hier d der e puer erofgetetschelt,watt jo weider haischt Schloemmes ass well am Koran dô steht datt dat hinnen gudd deet well si daat fir hir Gesondheet brauchen.Mè leider sinn Frâleit net mei daat watt se woren,well wann een se hautdesdaachs schon schiel bekuckt faalen se schons schwach,nu je an du luchs se eben fir 4 Wochen an der Klinik.(de Riichter reselt verstenntnisvoll den Kapp;hien kennt dei Saachen och)

R:Ja wann een iech heiert dann mengt een dir waert un der Saach onschoelleg. Mè der Ausso vun engem Gendarm an der Gued steht op alle Fall fest: Dir sitt ze weit gaangen.

A:Gelt dier ech hett hir schons eng noom Alfa praffen.

# 5.AKT

Persounen: id.
id.
id.
Jang Belles

R:Dir sitt den Jean Belles

J:Neen ech sinn den Bellesen Jang

R:Firwat sidd dir hei?

J:Ech wollt iech daat froen,dir hut mech jo geruff.

R:Maja,hei am Protokoll do steht,do an dem Café wou der emmer verkeiert, sou steht hei am Protokoll do wor dess lescht eng handgreiflech Ausenannersetzung.

J:Neen daat ass gelunn,daat wor eng hondsgeweinlech kleng Klepperei.

R:Maja an do soll een en Aan verluer hun.

J:D'ass em gudd,e soll op seng Saachen oppassen.

R:An dobei soll dir engem Onbedeelegten drei Zenn ageschloen hun.

J:Oh,do musst der schon entschellegen,deen stung geraad esou giedelecg do.

R:Offeieren!!!!!!!

6.AKT

Persounen: id.
id.
id.
e Jangdarm
Batty Duuschtert

R:Lauschtert emol Greffier watt ass dann eisen leschten Fall?
G:Et ass t'Affair Batty Duuschtert geint den Mechel Kaapendeckel.
R:Batty Duuschtert an ...
G:Batty Duuschtert anMechel Kaapendeckel.
R:Der ruft mer den Ugeklooten eran.
G:Jo...Batty Duuschtert wann ech gelifft.
(den Batty trett eran)
R:Kommt mei no!!
(de Batty bleiwt eweg)
R;Dir sollt mei no kommen!
Kommt nach mei no soen echiech.
B:Entschellegt ech bleiwen leiwer e beschen eweg.
R:Watt well der domatt soen?
B:Ma ech war schon eng Keier engem Riichter ze no komm.
R:A wei daat dann?
B:Well ech Rendsauer zu em gesoot hum.
R:(ass ganz erstaunt)Rendsouer?
Also 300Fr Protokoll hett daat bei mer kascht.
B:Ouh,dann haat deen mech awer dei Keier aal ugeschass,deen haat mier 500Fr ofgeknaeppt.
R:Also elo zur Saach,am Protokoll do steht...
B:Watt gelifft?
R:Am Potokoll do steht...
B:Ech heiren naischt,ehem ech heiren net gudd...ech hun et net ganz verstaan
R:Am Protokoll do steht...hutt der elo verstaanen?
B:Kee Fatz..
R:Wei?Waat?
B:Dier hut jo schons heiren,ech heiren net graad ganz gudd...
R:Datt do hut der schon @ 2mol gesoot...
B:Ech heiren jo och matt deenen 2 Ouren schlecht...
R:Daat ass awer och guer keen Wonner,doot emol dei eevelleg Ourenkaap do of.
B:Neen,dei hun ech extra weint iech ugedoen...
R:Weint waat weint mir...
B:Weint mengem Frend de wesst,den Kremeschs Batty,deen der och schons eng Keier hei haat,deen huet mer gesoot der gifft emmer um Geriicht esou haart jaitzen..graesslech haart jaitzen...
R:Ech jaitzen iwerhaapt net...ech verbidden mer daat do(der R. jaitzt)

B:Aah lo heiren ech iech schons besser.
Mà de braucht(de Riichter wor an enger Rooserei opgestaanen)net extra we menger opzestoen,Här Riichter,de kaennt roueg setzen bleiwen.
R:Daat maan ech geraad ewei ech well,hutt der verstaanen?
B:Da bleiwt alt stoen mier ass daat egal...ech hun naischt dergeint
R:Also elo zur Saach,dier sitt den Gelehentlech bestueten Aarbechter...
B:Hem hem hem
R:Also dier sidd den bestueten Gelehenheetsaarbechter Batty Duuschtert, 52 Joer aal an nach net virbestrooft...
B:Neen Här Riichter emmer ereischt duerno...
R:Roueg soss loossen ech de Sall hei raumen
(Batty steht op an geht fort)
R:Also dier...
Wouhinner laaft dier dann elo?
B:Ma dier hut gesoot ech soll den Sall raumen...
R:Hei soll dier bleiwen...
B:Da bleiwen ech alt hei,mier ass et egal Här Riichter
R:Also dier soll den 23.November t'lescht Joer nomettes um5 Auer AM Hutgeschaefft Mechel Kaapendecker eraankomm sinn,fir iech en Hut ze Kaafen..stemmt daat?
B:Jo Här Riichter hei ass en...
R:Waat?
B:Ma deen Hut deen ech kaafen wollt
R:Noodeem der en schons unhutt esou huelen ech och un datt der en kaaf hut
B:Neen Här Riichter,nach net mè ech hun mer geduecht wann ste den Kaapendeckelsmechel begeins dann gesst de em t'Suen...schliesslech ass
B:seng Schold den Iesel deen...
R:Also lauschtert emol,daat dò geht ze weit...
B:Ze weit,neen en ass mer geraad Mooss(e weisst op den Hut)
Neen ewei ech den Hut an der Hand haat fir en ze kaafen ass deh Här K; op den Telefon geruff ginn...an deen huet esou laang telefoneiert... en huet net opgehaalen..an en huet net opgehaalen...an dier wesst Här Riichter daat ass mer e bemol op den Moh gaangen...gelt diert...an ech hun meng Zait jo och net an der Loterie gewonnen...a wei en dunn nach net opgehaalen huet..dun hun ech geduecht klibber mech an ech sinn menger Wé gaangen...
R:Matt dem H,,t?
B:Jo Hâr Riichter well et huct geraad do baussen ugefaangen matt Reenen...
R:Hut der den Hut nach net bezuelt???
B:Neen Hâr Riichter mé ech hun mer geduecht,wann ste eng Keier bei K.M. laanschtkens da bezillst e en...
R:Jejejejeje...daat ass jo net ze glewen...
B:Dach Här R. dier kennt et roueg glewen wellet ass wouer...
R:Bei der Gelehenheet sool der eng selwer Auer d-i op der Teik louch mat -

B:Neen daat stemmt net et wor eng goellen Auer...
R:Desto schloemmer...
B:Mè ech hun ugeholl datt daat dem Här K. senger Frâ hier ass...
R:Wou ass dann elo dei Auer,....
B:Aah daat weess ech net Haer Riichter...
R:Dir hut se also net...
B:Neen.neen.neen.neen.....Här iewescht Geriicht
R:Jo t'Butteksjoffer vum Här K;e t'Joffer Justine Daerestak...
B:Dae.e.daerestak
Hahahahahaha.....
Daerestak...
Hahahahaha...
R:Watt gett et do ze laachen?
B:E Justine Daerestak
Hahahaha....
R:Dei behaapt dir haett t'Auer geholl an domatt zur Diir erausgaangen...
B:Ouhouhouhouh...huet dei daat van mir gesoot...ma dei ellen Kuetschbloder...
dei knaschtech Louder...
welltdei mech als Deif duerstellen?
Ma dei sooll mir daat emol riichtan t'Gesiicht soen,....
R:Ma daat sool dier gseren hun,me hun naemlech t'Joffer als Zeien hei...
Greffier rufft emol t'Madam Daerestack,....
G:Joffer Daerestack....
B:Soot Haer R. alles waat recht ass mè esou eng Liggen kann ech net op mer
setzen loossen....
G:T'Joffer Daerestack ass net hei...
R:Net do?
G:Net do...
R:Abbé dann kritt t'Joffer D. e Protokoll vun 2ooFr...well se net do ass...
BàEi daat deet der aaler Kluck gudd...
R:An aeren Fall deen gett op den4.August zereckgesaat...
B:Aah merci Haer Riichter...merci
R:Huet den ugeklooten nach eppes ze soen...
B:Maja Haer Riichter ech wollt froen op ech ...Dief ech dann elo vieleefeg t'A-
uer behaalen.
R:Hemph...maat dier datt dier hei erauskommt,ech haenken iech et gleich un...